



Rapport d'activité 2025



De Média de service public 100,7 ass dat öffentlich-rechtlecht Medienhaus zu Lëtzebuerg.

D'Zil vun den 100,7-Radioen ass et, déi villfälteg Realitéite vun enger Gesellschaft am permanente Wandel ze reflektéieren. Am Aklang mat senger Missioun bitt den MSP 100,7 Noriichten, Aktualitéit aus Kultur a Gesellschaft esou wéi musikalesch an edukativ Ënnerhaltung, mam But jiddwerengem e breeden Zougang zu sengem Programm ze offréieren.

De Média de service public 100,7 ass en onofhängegen Etablissement public.

Virwuert vum Direkter

Eng nei visuell Identitéit fir de Radio 100,7, Live-Programm fir den Opus, nei mobil Appen an digital Radiodiffusioun fir déi zwee, den Doku-Podcast Zeenewiessel an de Musekspräis Klang: Un Neierungen huet et 2025 beim Média de service public 100,7 net gefeelt.

Och 2025 gouf d'Offer erweidert, d'Diversitéit vum Public besser a betruecht geholl an den digitale Wandel aktiv begleet. Besonnesch frou si mir, datt mir mat all dësen Efforte méi Nolauschterer an Nolauschterinnen erreicht hunn.

Eng nei visuell Identitéit

De Radio 100,7, 1993 als "de soziokulturelle radio" lancéiert, huet iwwer 30 Joer vill Entwécklung matgemaach. E weidere Schrëtt gouf am Fréijoer 2025 gemaach, mat enger Upassung vun der Museksstrategie, déi op eng besser Mëschung tëschent neier a bekannter Popmusek setzt. D'Klassik krut hir eegen Adress mam Opus. De Logo vum Radio ass awer iwwer déi ganzen Zäit bal d'selwecht bliwwen.

Fir dës Verännerungen an och déi 2022 am Gesetz nei definéiert Missioun ze ënnersträichen, huet der Radio 100,7 sech fir d'Rentrée 2025/2026 eng nei visuell Identitéit ginn. Den neie Claim vum Radio ass: "Lauschter Lëtzebuerg". Nieft den Ae kruten och d'Oueren eppes Neies gebueden, mat engem ugepassten Habillage sonore vum Programm.

Opus, classesch anescht

Den Opus huet 2025 och e grouse Schrëtt gemaach. War et zënter 2023 just e voll automatiséierte Webradio, huet de Klassiksender am September 2025 ugefaangen och Live-Sendungen unzebidden a gëtt zënter leschten Dezember net nëmmen iwwer Internet gestreamt, mee och iwwer deen éischten nationalen DAB+-Multiplex radiodiffuséiert. Dëst war net nëmmen eng intensiv Zäit fir dem MSP seng Klassikredaktioun, mee huet och fir d'Technik vum Haus eng grouss Ëmstellung bedeit, fir et méiglech ze maachen, datt zwee Radiosendere gläichzäiteg live produzéiert kënne ginn.

Net nëmme Radio

Fir seng Missioun ze erfëllen, kann den MSP sech awer net nëmmen dorop beschränken, classesche Radio ze offrëieren. D'Gewunnechte vun den Nolauschterinnen an Nolauschterer hu sech scho staark verännert a wäerte sech weider verännern. An deem Sënn huet den 100,7 sech eng nei Websäit an eng nei mobil Applikatioun ginn. Intern gouf d'Zesummenaarbecht tëschent de Radio- an den Online-Noriichte weider verstärkt. Mee och d'Lauschtergewunnechte selwer verännere sech.

Mam Doku-Podcast Zeenewiessel huet de Radio 100,7 sech net nëmme Plaz fir grouse journalistesch Investigatioune ginn, en huet och e Format entwéckelt, dat vu vireran drop ausgeriicht ass, méi als Podcast an "on demand" gelauschert ze gi wéi als Radioprogramm. Besonnesch hu mir eis gefreet, datt d'Zeenewiessel-Serie "Carambolage", eng Recherche zum Caritas-Skandal, beim prestigéiese Prix Europa vun den europäesche Service public Medienanstalten eng "Special Commendation" krut.

Och komma, déi nei Offer fir a vu Jugendlecher vum MSP, geet dohinner, wou d'Zilpublikum souwisou schonn ass, amplaz ze hoffen, si bei de Radio ze lackelen. D'Video-Podcasten a Kuerzvideoformater gi virun allem op de grouse Plattformen publizéiert, fir datt och d'Lëtzebuenger Wierklechkeet vun de Jonken an d'Lëtzebuenger Sprooch hei eng Presenz hunn.

Méi Nolauschterinnen an Nolauschterer

Mee et ass net nëmmen op de Plattformen a mat Podcasten, wou den MSP nei Nolauschterer an Nolauschterinne fënnt. Och de Radio huet an de leschte Joren un Audienz gewonnen. De leschten Zuelen no erreecht de Radio 100,7 all Dag 6,5 Prozent vun den Awunner:innen zu Lëtzebuerg. Iwwer 14 Deeg gekuckt klëmmt dës Zuel op 18 Prozent an erreecht domat iwwer 100.000 Nolauschterinnen an Nolauschterer. Nach ni virdu goufen an enger Etüd esou héich Zuele fir de Radio 100,7 festgestallt.

Dës erfreeslech Entwécklung gouf méiglech duerch d'Aarbecht vun der ganzer Ekipp, mee och wéinst den zousätzleche finanzielle Mëttelen, déi den MSP 100,7 an der Konventioun mam Staat fir d'Joren 2024 bis 2030 kritt huet. 2025 konnt d'Ekipp esou ëm siwe weider Plaze wuessen.

Um finanzielle Plang schléisst den MSP 100,7 d'Joer mat engem Iwwerschoss vun 1,3 Milliounen Euro of a ka seng Reserven esou op 2,5 Milliounen Euro erhéijen, wat eng stabil mëttelfristeg Gestioung erlaabt.

Ech soen der ganzer Ekipp vum MSP Merci fir hiren Engagement, hir Energie an hiren Asaz, fir de Service public zesumme virunzebréngen. Mir soe virun allem eisen Nolauschterer an Nolauschterinne villmools Merci fir hiert d'Veutrauen a wäerten eis och weider an den Déngscht vun der Allgemengheet setzen.



Jean-Lou Siweck
Direkter

Programm

Nom erfollegräiche Start vun der neier Moiesendung (Méindeg bis Freideg, 6:00 bis 9:00 Auer) am Hierscht 2024 ass de Moiesstudio am September 2025 a seng zweet Saison gaangen: Mat engem starke Fokus op all d'Informatiounen, déi eis zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus eppes uginn.

De Radio 100,7 ass an de fréie Moiesstonnen deen Informatiounssender zu Lëtzebuerg mat der gréisster Programmoffer: Interviewen, an deenen den Invitéen op den Zant gefillt gëtt, Live-Schaltungen op den Terrain, Hannergrënn mat Experten – alles wat ee moies brauch fir d'Aktualitéit ze verstoen an anzeuern. Mam neie Format Fro vun der Woch kommen och eis Nolauschterer an Nolauschterinne verstärkt zu Wuert.

D'Moderatiounsekipp vum Moiesstudio ass zënter der Saison 2025/2026 och zu véier: Nïeft dem Christiane Kleer, dem Rick Mertens an dem Maurice Molitor gëtt d'Sendung och regelméisseg vum Paule Rodesch moderéiert.




D'Moderatiounsekipp vum Moiesstudio:
Rick Mertens, Christiane Kleer, Paule Rodesch a Maurice Molitor

Podcast

Lëtzebuerg huet zënter 2025 och e Podcast-Format fir recherchéiert Doku-Serien: Den Zeenewiessel vum Radio 100,7. Dräi Serië koumen 2025 eraus: Mat "Carambolage", déi d'Hannegrënn vun der Caritas-Affär beliicht, krut de Radio 100,7 am Hierscht 2025 zu Berlin beim renomméierte Mediepräis Prix Europa d'Auszeechnung vun der zweetbeschter europäescher Audioinvestigatioun vum Joer 2025.

An der Serie "Ausgeliwwert" begleede mir am Zeenewiessel Leit, déi fir Wolt, WeDely a Co. lesse liwweren. Dës Recherche hannerfreet, wéi d'Plattformökonomie d'Aarbechtswelt verännert. An an der Serie "Kollateralschued" geet et ëm d'Konsequenze vun enger mësslongener Terrorenquëte op d'Liewe vun zwou jonke Fraen, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn.



Esouwuel op Social-Media wéi och iwwer E-Mailen huet de Launch vum Zeenewiessel eng ganz Rei positiv Reaktiounen ervirgeruff:

Ech wollt just kuerz Merci soen fir déi exemplaresch gutt an detailléiert Recherche an Ärer Emissioun! Vill Detailler ware mir nach net bekannt, an et ergëtt sech e vill méi komplett Bild vun deem, wat geschitt ass.

Exzellente Journalismus, do mécht et wierklech eng risege Freed, Radio ze lauschten!

Ongesinn dovun datt ären Podcast richtig gudd gemaach ass, extrem duerchduecht, extrem beduecht, all Stëmm zu Wuert kommen ze loossen, woubäi awer d'Journalisten endlech eng Kéier do nahaken, wou ee muss nohaken, et ass schon erstaunlech, wéi mir beim Nolauschten déi nächst Fro an de Kapp kennt an déi dann och gestallt oder recherchéiert gett...endlech eng Kéier Recherchejournalismus vum Feinsten zu Lëtzebuerg, macht sou virun, ech järe vu Freed.

Ech wollt iech nëmmen fir déi zwee super Doku-Podcasts felicitéieren. Ech hunn se elo quasi all an engem Rutsch erfogelauschtert a warde scho gespaant op déi nächst Folg :-)

I have listened to your podcast on the Caritas Affair in the past days : what a great podcast. It is very well and neutrally explained, very understandable for non experts. Magnificently well done.

E risegrousse Merci un d'Ekipp vum 100,7, a speziell un d'Madame Opper an den Här Franck fir dee Podcast iwwer d'Caritas Affär. Ouni är Recherche wier ni esou vill an detailléiert Informatioun un d'Ëffentlechkeet komm.



De Jean-Claude Franck (Chefredakter) an d'Pia Opper (Coordinatrice Features) bei der Präiswerrichtung fir "Carambolage" zu Berlin



De Programmchef Yves Stephany mat der Gewënnerin vum Klang, d'Jana Bährich (Francis of Delirium)



Musek

2025 huet d'Museksredaktioun d'Klangfaarf vum Radio 100,7 iwwerschaaft. Nodeems de Fokus exklusiv op alternativ Musek an op d'Decouverte geluecht gouf, hu mir déi strategesch Decisioun geholl, fir och méi populär Lidder an de Repertoire mat opzehuelen. Den Hannergrond vun där Decisioun ass déi gesetzlech verankert Missioun, déi dem 100,7 virschreift, eng Offer fir déi ganz Populatioun unzebidden, an dem Constat, datt e majoritéären Deel vun där Populatioun sech vun alternativer Musek iwwerfuert fillt. Déi nei Klangfaarf bleift am Kär eng alternativ zum Mainstream, mat neie Verëffentlechunge vu manner bekannte Kënschtler:innen. D'Museksredaktioun huet en Echantillon mat méi bekannte Lidder aus de leschte 40 Joer erausgesicht, déi gutt mat dësem Sound harmonéieren. Musek vu Lëtzebuerg Kënschtler:innen ass a bleift e feste Bestanddeel vun der Museksprogrammation. Ronn 15 % vun alle Lidder, déi 2025 gespilt goufen, koumen aus Lëtzebuerg.

Musekspräis Klang

Fir d'éischte Kéier huet de Radio 100,7 2025 de Klang verginn – de Präis fir de beschte Popsong zu Lëtzebuerg. Aus enger Shortlist vun 10 Lidder, déi am Laf vum Joer um 100,7 gespilt goufen, konnten d'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer dräi Woche laang fir hir Favoritten ofstëmmen. Um Enn gong de Präis un d'Rockband Francis of Delirium fir hire Song "Little Black Dress".

Eurosonic

Den Radio 100,7 huet als Member vun der European Broadcasting Union all Joer d'Méiglechkeet fir e Lëtzebuerg Act op den Eurosonic Festival ze buchen. Dee Showcase Festival bitt neien Talenter all Joer am Januar d'Méiglechkeet sech virum europäesche Fachpublic ze presentéieren. Ryvage war den Artist, deen 2025 zu Groningen (NL) konnt optrieden. Fir dat och zu Lëtzebuerg ze feieren hat den 100,7 de 7. Februar eng Soirée am Gudde Wëllen organiséiert, mat och nach engem Optritt vun AEM an enger Aftershow Party mam DJ Hirsto.


Kultur

Fir de Lauschtergewunnechte vum Publikum besser entgéintzekommen, gouf de Kulturmagasinn iwwerducht a vu 17 Auer op 13 Auer geréckelt. D'Emissioun Kulturen dauert weiderhin eng Stonn, kënt awer mat meeschtens dräi Sujeten aus, an de Museksundeel ass an d'Luucht gaangen. Den neien Horaire erlaabt et der Kulturredaktioun besser op déi kulturell Aktualitéit kënnen ze reagéieren. De Luxembourg City Filmfestival, d'Walfer Bicherdeeg, de Festival vu Cannes, d'Berlinale an d'Festivalle vun Avignon an Arles waren déi grouss Rendez-vousen, déi vun der Kulturredaktioun couvréiert goufen.



De Radio 100,7 war och live bei Kultur- a Musekseventer dobäi, wéi z. B. bei de Walfer Bicherdeeg, um Eurosonic an um Koll an Aktioun





Online

Zënter Januar 2025 gëtt et déi nei 100,7-App fir Smartphones an Tabletten, fir deem ëmmer méi mobile Mediekonsum Rechnung ze droen. Nieft engem modernen Design an der aktuellster Noriichtenoffer bitt d'100,7-App wichteg Funktiounen, wéi d'Lauschtere vum Radio am Live-Stream, d'Abonéieren an d'Erofluende vun Emissiounen oder och e Messenger, fir mat den Ekippe vum Radio 100,7 ze kommunizéieren. 2025 goufe knapp 3,5 Milliounen Säiten an eiser App an op eiser Websäit besicht.


Déi 10 meescht geliest News-Artikelen op der 100,7-Websäit an an der App am Joer 2025:

1. Den Här Giorgetti an d'Märche vum bedauernswäerte Promoteur
2. D'Schoul: Eng Supernanny
3. Luc Frieden um CSV-Summerfest: Och d'Partei muss hir Linn halen
4. Vum Affekotecabinet op de Bauerenhaff: E Quereinsteiger iwwehëlt e Bauerebetrib
5. Biogasanlag zu Biekerech steet virum Aus
6. No Geldstrof: Spuerkeess beméit fir Schued ze reparéieren
7. Parquet stellt sech hannert Reporter-Journalistin
8. Sacha Borsellini dierf net zeréck an de Staatsdénkscht
9. Marianne Donven: "Ech hu ganz vill schlémm Saachen erlieft déi lescht Méint"
10. Tom Weidig entschëllegt sech fir Like op LGBTQIA+-feindleche Kommentar



Kommunikation

Fir d'Weiderentwécklung vum Radio no baussen ze kommunizéieren, gouf en neie Logo entworfen, dee Klorheet a Modernitéit vermëttelt an de Radio als zäitgeméiss Mediemark positionéiert. Och gouf en neie Claim "Lauschter Lëtzebuerg" entwéckelt, deen d'Missioun vum 100,7 op de Punkt bréngt: De villfältege Stëmme vum Land eng Plaz gi fir sech auszudrécken an zesummen eis Geschicht erzielen – an eise Wieder, mat eiser Musek.




RADIO 100,7



Fir d'Rentrée 2025 hu mir den neie Corporate Design an d'Campagne lancéiert mat Fotoen a Videoe vun Nolauschterinnen an Nolauschterer vum Radio 100,7

Lauschteren heescht kucken, fillen, entdecken, verstoen a sech verbannen. Lëtzebuerg nozelauschteren heescht, Lëtzebuerg d'Wuert ginn an och déi onbequeem Froe stellen. Fir de Logo anzeféieren, gouf fir d'Rentrée 2025 eng Campagne lancéiert mam Zil, de Radio méi visibel ze maachen a seng Bekanntheet als Qualitätsmedium ze stäerken – mam Fokus op Authentizitéit, Vertrauen an dem zentrale Message: "Lauschter Lëtzebuerg".



KANNER KËSCHT

Kannerkëscht

Kanner gehéieren zu den natierlechen Zilgruppe vun öffentlech-rechtliche Medien. Si verdéngen hir eege Medien ouni Publicitéit, eng Offer an hirer Mammesprooch (respektiv an där Sprooch, déi si vum Precoce un als Ëmgangssprooch an der Schoul hunn) an Ënnerhaltung ouni Ecran. Dëst setzt den 100,7 a senger Kannerkëscht ëm: Eng Audiothék mat Lauschtergeschichte fir Kanner vun 3 Joer un.

Och am Joer 2025 koumen nei Geschichte vum "Mukami" a vum "Jos", allebéid vun der Anja Di Bartolomeo, derbäi, d'selwecht wéi weider Vertoununge vun der Sonja Bintener hire "Gutt-Nuecht-Geschichten". D'Kanner vum Panda Club vum Naturmusée hunn och nei Geschichten opgehall.

Den 100,7 ass 2025 awer och nei Weeër gaangen an huet am Januar en éischten öffentlechen Appell fir Projete vu Lauschterspiller fir Kanner lancéiert. Um Enn vum Prozess stinn d'Geschichte vun den "Dräi muusseg, lusseg Monsteren" vun der Claire Thill an der Catherine Kontz. Déi éischt Staffel gouf virun der Fuesvakanz 2026 an der Kannerkëscht publizéiert. Den 100,7 dréit domat net nëmmen zu enger méi grousser Ënnerhaltungsoffer fir Kanner op Lëtzebuergesch bäi, mee ënnerstëtzt och déi kulturell Kreatioun am Land. Am Juli 2025 gouf en zweeten Appell lancéiert. Den 100,7 wëllt dëse Wee och 2026 weidergoen.



Bei der Kannerradionuecht am November 2025 ass de Radio 100,7 op verschidde Plazen uechtert d'Land gefuer an huet Schouklasse a privat Gruppe besicht. Am Virfeld ware Kannerreporter:innen ënnerwee, déi Reportagé gemaach hunn




Kannerradionuecht

Den Héichpunkt vum Joer ass zënter dräi Joer d'Kannerradionuecht, déi de leschte Freideg am November um Radio 100,7 leeft. Fir déi drëtte Kéier huet de Radio 100,7 d'Kannerradionuecht organiséiert – en Event um leschte Freideg am November, dee sech vun 19 Auer bis Mëtternuecht just u Kanner am Grondschulalter riicht. D'Theema vun der Editioun 2025 war "Eng Nuecht an der Philharmonie". Ronn 830 Kanner hate sech am Virfeld e Matmaachheft bestallt. Op der Affiche stoung d'Première vum Olivier Garofalo sengem Lauschterstéck "Eng Nuecht an der Philharmonie", dem Dan Tanson säi "Rigoletto Voodoo Zauber", Reportagé vun den 100,7-Kannerreporter:innen, wëssenschaftlech Bättrëg an Zesummenaarbecht mam FNR, d'Soundrätsel, Visitten a Schouklasse a vill interaktiv Momenter mat Kanner aus dem ganze Land.

Technik

Den Haaptprojet am Joer 2025 war de Start vum DAB+, deen den 1. Dezember lancéiert gouf. Am Virfeld goufen déi néideg technesch an organisatoresch Virbereedunge getraff, fir dëse Lancement zäitno a betribssécher ze garantéieren. D'Studiee goufen esou adaptéiert, datt de Radio 100,7 an Opus onofhängeg vuneneen on air kënnen bedriwwe ginn. Dës Upassung ware mat substantiellen Ingenieursarbechten an enger héijer technescher Komplexitéit verbonden, obwuel si fir d'Benotzer:innen nëmme limitéiert sichtbar sinn.

Am Kader vum Projet gouf de komplette Signal-Iwwerdroungswee bei den externen Diffusiounspartner nei konzipéiert an ëmgéset. Parallel dozou gouf de Soundprocessing grëndlech moderniséiert an un déi verschidden Iwwerdroungsvektoren ugepasst. De Soundprocessing ass elo fir déi zwee Programmer op deenen dräi Diffusiounsvektoren FM, DAB+ an Internet optimiséiert, beim Opus limitéiert op DAB+ an Internet. D'Planungs- an d'Produktiounssystemer goufen duerch hausintern Entwécklungen an Upassung weiderentwéckelt, fir de gesteigerte programmateschen an techneschen Ufuerderungen ze entsprechen. Gläichzäiteg gouf de Projet vun der Erneuerung vun de DHD-Mëschpulten am lafende Betrib virgedriwven.



dab+
100komma7.lu
opus.radio

Mat zwee vollstänneg funktionéierende Radioen an engem erhéichte Studio-Bedarf, dee sech dorausser ergëtt, huet dëst zu enger weiderer Erhéijung vun der technescher Komplexitéit geféiert. D'Plattform vum externen CDNe fir d'Iwwerdroung iwwer Internet gouf komplett erneiert, wat eng Rëtsch intern technesch Upassung mat sech bruecht huet. Am Beräich Connectivitéit a Sécherheet goufen d'Core-Routeren an d'Firewallen ersat, ouni de lafende Programm- a Betribprozess ze ënnerbriechen.

Ee wichtege Projet war d'Ëmstellung vun de Mataarbechter:inne-Maschinen op Windows 11 nom Auslaf vun der Ënnerstëtzung vu Windows 10 Enn 2025. Nieft dem Austausch vum Material huet besonnesch d'Formatioun vum Personal um neie System e wesentlechen Opwand verlaangt. Manner komplex, awer operationell wichtig, war d'Erneuerung vun allen Drucker, déi 2025 ofgeschloss gouf. Fir dem wuessende Besoin u Leeschtung a Stabilitéit gerecht ze ginn, gouf d'Capacitéit vun der Internetverbindung verduebelt. Den Internetsite huet ee komplette Redesign kritt an nei Mobil-Appen fir de Radio 100,7 an Opus goufen an de gängegen App-Storë publizéiert. D'Haaptentwécklung gouf vun externe Partner assuréiert, allerdéngs op Basis vun enger enker Kooperatioun an engem intensiven technesche Support duerch déi intern Ekipp, fir eng integréiert a stabil Systemlandschaft ze garantéieren.

Zousätzlech goufen eng Rei nei Softwaren ageféiert an existent Programmer aktualiséiert. No enger Rei nationale Stéierungen bei externe Service-Providere goufen intern Prozeduren analyséiert, iwwerschaft an deelweis nei opgestallt, fir am Fall vu méi grouse Stéierungen d'Kontinuitéit vum Service public esou gutt wéi

méiglech ze sécheren. Dëse Prozess ass nach net ofgeschloss. Am audiotechnesche Beräich gouf de sougenannten Habillage grëndlech reforméiert an un déi nei Programmstruktur souwéi un déi eegen Identitéit vum Opus adaptéiert. Am Kader dovou goufe sämtlech Jingle vum 100,7 erneiert, während déi vum Opus zum groussen Deel nei produzéiert goufen. Déi nei Ufuerderungen am Beräich Feature an d'Weiderentwécklung vun der Morningshow hunn zousätzlech Upassungen an der Aarbechtsopdeeling vun der Technik néideg gemaach.

Ee bedeitende Bestanddeel vun der Aktivitéit bleift de reegelméissegen, deelweis net direkt siichtbaren "daily business". D'Mataarbechter:innen am Audio-Beräich optiméieren am lafende Betrib Opnamen, déi ënner schwierigen Ëmstänn entstanen sinn, fir de Qualitéitsufuerderunge vun engem Public Service Media ze entsprechen. Parallel dozou ënnerstëtzt den IT-Service d'Mataarbechter:inne bei techneschen Incidenten, Bugs a Systemfroen, fir de kontinuéierleche Fonctionnement vun den Aarbechtsprozesser ze garantéieren.

Am Kontext vun de strategesche Reflexiounen zum Asaz vu Cloud-Infrastrukturen huet de Média de service public decidéiert, aktiv un der "Cloud Strategy Group" vun der EBU deelzehuelen. Dësen Aarbechtsgrupp beschäftegt sech domat, wéi de Service public seng technologesch Souveränitéit an engem dynameschen a geopolitesch komplexen Ëmfeld kann ofsécheren.

Um Niveau vum Personal gouf un enger Rei Meetings a Foiren deelgeholl, fir de fachlechen Austausch an d'Weiderbildung ze férdere. Zousätzlech gouf een neie Mataarbechter agestallt, deen intern ausgebild gëtt. Dëst geschitt och am Bléck op déi annoncéiert Pensioune vun engem laangjäregem Mataarbechter, fir e geplangten, graduellen a strukturéierten Wëssenstransfer sécherzestellen.



komma

Mat komma huet de Média de service public 100,7 2025 eng nei digital Offer fir e jonke Public lancéiert. De Programm rücht sech u 15- bis 25-Järeger a setzt op On-demand-Contentu, deen iwwer Plattformen wéi TikTok, Instagram, YouTube, Spotify, Apple Podcasts a www.komma.lu diffuséiert gëtt.

komma ass net just FIR Jonker, mee ass och zesumme MAT Jonken entstanden. Iwwer e Casting Call an interaktiv Workshope goufen d'Konzept, de Look an d'Wärter vum Projet gemeinsam entwéckelt. Haut besteet d'Ekipp aus véier jonke Freelancer, déi hir eege Formater ëmsetzen an domat eng authentesch Perspektiv erabréngen.


Am Format "Rotschlo" besichen d'Maya Stronck (18) an d'Mia Schumacher (18) Leit an hirem Alldag a sammelen, wéi den Titel et seet: Rotschléi an Erfarunge vu Jonken.



Enn 2025 goufe bei komma zwee Formater lancéiert, "Still loading..." a "Rotschlo"



Work in progress...



D'Resultat si kuerz, accessibel Videoen, bei deenen een och mol aner Perspektiven an Ustéiss mathuele kann.


Am Video-Podcast "Still loading..." schwätzen d'Laure Carrier (20) an d'Cheryl Lam (25) all zwou Woche mat Gäscht iwwer Froen, déi vill Jonker beschäftegen: Wou wëll ech hin? Wéi kommen ech dohin? A wat maachen ech, wann d'Liewe mol en anere Wee aschléit? Mat "Still loading..." gouf komma de 14. November lancéiert – e Launch, deen och am Moiesstudio vum 100,7 thematiséiert gouf. Schonn an deenen éischte Méint konnt komma eng gutt Visibilitéit opbauen. Op de soziale Plattformen errechen eenzel Videoen iwwer 10.000 Views. D'Communautéit wísst, mat aktuell iwwer 1.700 Abonnenten op TikTok, iwwer 1.000 Follower op Instagram, iwwer 1.500 Streams op Spotify an enger ëmmer méi aktiver Presenz op YouTube.

De Projet ass drop ausgeluecht weider ze wuessen a sech permanent ze verännern. Nei Formater sinn an der Virbereedung an zousätzlech jonk Freelancer sollen an den nächste Méint bäikommen. Dobäi bleift d'Iddi bestoen, déi Jonk net nëmmen als Publikum ze gesinn, mee si aktiv matgestalten ze loossen. Gläichzäiteg dréit komma dozou bäi, Jonker fir Medien ze sensibiliséieren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, selwer praktesch Erfarungen am mediale Beräich ze maachen.

Opus

E Sender entwéckelt sech!

2025 stoung ganz am Zeeche vum "Go-Live" vum Opus. Méindes, de 15. September um 9 Auer moies, war de Startschuss fir den Harmonesche Moien, déi alleréisch Live-Sendung exklusiv um Opus. Nëmme e puer Méint méi spéit, den 3. Dezember, huet d'Station hiren nächste grouse Schrëtt ënnerholl: Den Opus gouf als éischte Lëtzebuurger Klassiksender iwwer DAB+ disponibel. Domat ass aus engem rengen Online-Stream e Sender ginn, deen terrestresch ze empfänken ass. Am Virfeld vun dësem Schrëtt huet den Opus nei Formater entwéckelt, seng technesch Infrastruktur un déi nei Ufuerderungen ugepasst, an eng nei App entwéckelt. Den Opus begleet, wat an der Klassikzeen geschitt, a proposéiert ausserhalb de Concertsemissiounen ronn ee Véierel vun der Zäit mat Musek vu Lëtzebuerg oder mat Lëtzebuurger Bedeelegung. Zousätzlech goufen 2025 ronn 75 Concerten am Grand-Duché opgeholl, fir um Opus diffuséiert ze ginn. An der App kann een den Opus live lauschten, op seng komplett Mediathék zeréckgräifen, d'Stécker, déi gespilt goufen, nosichen a sech op seng Liblings-Sendungen abonéieren.



Fir de Start vum DAB+ am Dezember 2025 hu mir fir den Opus eng Campagne lancéiert

Eng eegen Identitéit

Während d'Noriichte weiderhi vum Radio 100,7 iwwerholl ginn, huet den Opus 2025 säi Profil gestärkt, eng eegen Identitéit entwéckelt a sech Schrëtt fir Schrëtt vu sengem Schwëstersender Radio 100,7 emanzipéiert. No baussen huet den Opus duerch seng éischt gréisser Kommunikatiounscampagne op sech opmierksam gemaach. De Slogan: "klassesch anescht" steet fir eng dynamesch Ekipp, déi déi klassesch Musek op Aenhéicht vermëttelt an hir Passioun fir dëse Genre mat den Nolauschterinnen an Nolauschterer deele wëllt.



De Lex Kauffmann bei der Moderatioun vum Harmonesche Moien

Nei Offer am Harmonesche Moien

Während d'Theemen aus der klassischer Musek am Ufank vum Joer 2025 nach an den Emissioun Kultur um 5 a Resonanzen um Radio 100,7 presentéiert goufen, begréisst zënter der Rentrée de Lex Kauffmann d'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer all Dag vu méindes bis freides tëschent 9:00 an 12:00 Auer an der neier Live-Show Harmonesche Moien. Hie féiert duerch d'Musek an déi verschidden nei an nei-iwwerschaffte Rubricen, wéi zum Beispill de "Klassik Aktuell", de Podcast "Klassik Talk" oder och den "Agenda", a gëtt en Abléck an déi Theemen, déi zu Lëtzebuerg an och international fir Opmierksamkeet suergen. E besonneschen Accent läit am Harmonesche Moien och op der lëtzebuergescher Museksgeschicht an op deene Persounen, déi se prägen.

Resonanzen

Um Sonndeg steet weiderhin d'Emissioun "Resonanzen" um Programm. Zënter der Rentrée 2025 leeft déi exklusiv um Opus a gouf op zwou Stonne verlängert. Passend zu engem gemittleche Sonndeg begleede mir d'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer vun 10:00 bis 12:00 Auer mat Musek an den Highlights aus der Woch.

Concerten

Ronn 75 Concerte goufen 2025 op ronn 20 Plazen zu Lëtzebuerg opgehall, fir um Opus an um Radio 100,7 diffuséiert ze ginn. No der Rentrée 2025 war d'Concerts-Emissioun déi eenzeg mat klassescher Musek, déi parallel och um Radio 100,7 gelaf ass. Opgehall gouf ënner anerem zu Buerglënster am Schlass, zu Diddeleng an der Kierch, an de Rotonden an zu Veianen am Schlass.

Ronn 20 Concerten huet den Opus live iwwerdroen. Ganz besonnesch ervirgestach hunn déi zwee Concerten de 4. an de 5. Juli op der Kinnekswiss, déi éischt Live-Iwwerdroung vun engem Concert mam Orchestre National des Jeunes du Luxembourg de 26. Juli aus dem Mierscher Theater an de Concert vum 13. November am Centre des Arts Pluriels zu Ettelbréck mat de Lëtzebuerger Philharmoniker an der Uropféierung vun der Tatsiana Zelianko hirer Kompositioun "Landscape with no Land". Niewent dëser stoung ronn 10 weider Uropféierungen a Wierker vu Lëtzebuerg um Programm vun de Concerten, déi den Opus diffuséiert huet.



Den Opus huet zwee Concerte live vun der Kinnekswiss iwwerdroen



D'Marie Schockmel am Interview mam Max Mausen, Directeur artistique vum internationale Klarinetteconcours 2025 zu Maarnech am Cube521

Eng international Nues kruten d'Live-Iwwerdroung mat de sechs Concerten, déi den Opus zesumme mam SR Kultur iwwerdroen huet (dräi vu Saarbrécken an dräi vu Lëtzebuerg), dem Gala-Concert vun den International Classical Music Awards 2025 zu Düsseldorf mat engem Solo-Optrétt vum lëtzebuergeschen Cellist Benjamin Kruihof oder och dem Neijoerschconcert vun de Wiener Philharmoniker.

Dank dem MSP 100,7 senger Memberschaft an der European Broadcasting Union (EBU) konnt den Opus sengen Nolauschterinnen an Nolauschterer och 2025 eng ganz Rei international Concerte vun aneren öffentlech-rechtleche Radiosendere proposéieren. Ëmgedréit kann den Opus och Lëtzebuerger Concerten iwwer d'EBU eng Plattform bidden. 19 Concerte vun de Solistes Européens, Luxembourg, dem Luxembourg Philharmonic an aus der Serie Rising Stars vun der Philharmonie huet den Opus 2025 an der EBU offréiert. Dës Concerte goufe ronn 120 Mol vun aner Sendere opgegraff. D'Accessibilitéit zu dëse Concertsopnamen gouf net nëmmen iwwer de Live-Stream an d'Senden iwwer DAB+ assuréiert, mee och iwwer d'Mediathék um Site esou wéi an der App. Déi meescht vun de Concerte konnt een hei tëschent 7 an 30 Deeg no hirer Diffusioun nolauschteren.

Ressources humaines

Mataarbechter:innen

De Média de service public 100,7 huet d'Joer 2025 mat 72 feste Mataarbechter:innen ofgeschloss, dovun 42 % Fraen a 58 % Männer. 2024 waren et 65 Mataarbechter:innen. A Vollzäitplazen (ETP) ausgedréckt ass d'Zuel vun 59,3 op 64,3 geklommen. Dës Hausse ass bedéngt duerch déi geplangten a budgetiséiert Kreatioun vu Posten an de Joren 2024 an 2025. 2025 goufen 10 nei Mataarbechter:inne um Radio 100,7 agestellt a 4 hunn d'Haus verlooss.

De Service vun der Digitaler Distributioun an d'Online-Newsredaktioun

Enn 2025 huet den MSP 100,7 sech intern am Beräich vun der Diffusioun gefestegt an erweidert, dëst mat der Kreatioun vum Service vun der Digitaler Distributioun. Et handelt sech ëm d'Fortsetzung an d'Realiséierung vum MSP 100,7 sengem Zil, déi digital Offer méi breet opzestellen. D'Anke Meiser huet de Lead vun der Ekipp iwwerholl. Zesummen assuréiere si déi intern/extern Kommunikatioun souwéi de Marketing vun den 100,7-Marken an hirer Onlinepresenz. Ausserdeem bespilt d'Ekipp d'Social-Media-Kanäl. Déi Digital Distributioun schafft enk mat der Online-Noriichterredaktioun zesummen. Dës Ekipp ass spezialiséiert op d'Produktioun vun Noriichte fir déi digital Kanäl.

Aus- a Weiterbildung

De Média de service public 100,7 leet grouse Wäert op d'Ausbildung vun der nächster Generatioun vu Journalisten a Journalistinnen. 2025 gouf dee véierten 100,7-Volontariat ausgeschriwwen, en zweejäregen Ausbildungsprogramm, dee Praxis an Theorie, Tutorat a formell Formatioun, in-house an international Expéienz verbënnt. Am September konnt den MSP 100,7 esou de Moris Garzaro an der Ekipp begréissen. D'Michelle Barthel, déi zweet Volontärin vum Radio 100,7, gouf am September 2025 nom

erfollegräichen Ofschloss vun hirem Volontariat fest agestellt. Och an der Radiotechnik gouf 2025 e Volontär engagéiert. Den Dimitri Gorbunov léiert an enger zweejäreger Ausbildung d'Technik vum Radio-Live-Betrieb. 2025 huet den MSP säin éischten Apprenti agestellt. Den Dzenan Ramovic mécht eng Léier als Agent administratif et commercial a léiert an den eenzelen Servicer déi verschidde Verwaltungsaufgaben.

Fir déi professionell Defie mat den néidege Kompetenzen unzegoen, investéiert de Média de service public 100,7 konsequent an d'Weiderbildung vu sengem Personal. 2025 gouf dofir e Budget vun 88.000 Euro genotzt fir Formatiounen, Weiderbildungen a Workshoppe mat externen Traineren an de Beräicher journalistesch Kompetenzen, Stëmmcoaching, Softskills, Management, IT an technesch Skills.

Nei Mataarbechter:innen

BEFFORT	Pit	Redaktioun
GARZARO	Moris	Redaktioun
GORBUNOV	Dimitri	Technik
HEIDENFELDER	Georgios	Technik
KERSCHEN	Calypso	Programm
MALLINGER-LEYERS	Carole	Musek
MEISER	Anke	Digital Distributioun
NOTHUM	Catherine	Programm
RAMOVIC	Dzenan	Administratioun
TONNAR	Luka	Programm



Gouvernance

De MSP 100,7 ass eng onofhängeg öffentlech-rechtlech Kierperschaft, déi duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwer déi elektronesch Medie geschafe gouf an haut vum Gesetz vum 12. August 2022 encadréiert gëtt.

De Verwaltungsrot huet néng Memberen, dorënner sechs, déi onofhängeg sinn, déi representativ fir dat soziaalt a kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg sinn, an dräi Staatsvertrieder:innen.

D'Programmation vum Radio 100,7 steet ënner der Responsabilitéit vum Direkter, deen den alldeegleche Betrib vum Radio 100,7 féiert.

Den 31. Dezember 2025 war de Verwaltungsrot aus dëse Memberen zesummegeat:

- Véronique Faber, Presidentin
- Tania Brugnoli (Staatsvertriederin)
- Josée Hansen
- Tom Hermes
- Raphael Kies
- Steph Meyers
- Pierre Reuter
- Paul Leners (Staatsvertrieder)
- Thierry Zeien (Staatsvertrieder)

Regierungskommissärin Céline Flammang
Verwaltungsrotssekretärin Pia Betz

Direktiouns- a Koordinatiounsekipp

Direktioun

Jean-Lou Siweck, Direkter

Sekretariat

Patricia Weber, Responsabel Administratioun

Redaktioun

Jean-Claude Franck, Chefredakter

Christina Heidt, stellvertriedend Chefredakterin

Christiane Kleer, stellvertriedend Chefredakterin

Rick Mertens, Koordinatioun Moiesstudio

Pia Opper, Koordinatioun Features

Musek

Luc Boentges, Responsabel klassesch Musek

Yves Stephany, Responsabel net-klassesch Musek

Jeff Schinker, Koordinatioun Musek & Kultur

Programm

Yves Stephany, Programmchef

Technik & IT

Pascal Tesch, Responsabel vum Service technique

Chris Simon, Koordinatioun Technik-Betrib

Digital Distributioun

Anke Meiser, Responsabel Digital Distributioun

Ressources Humaines

Richard Thilmann, Responsabel Ressources Humaines

Publikumsrot

De Publikumsrot ass e consultative Gremium, deen am Kader vum Gesetz vum 12. August 2022 gegrënnt gouf an d'Aufgab huet, d'Programmer vum Média de service public 100,7 aus der Perspektiv vun den Nolauschterinnen an den Nolauschterer ze hannerfroen an auszewäerten.

De Conseil besteet aus 12 Memberen aus der Zivilgesellschaft. Si sinn an hirem perséinlechen Numm genannt a vertrieed keng Organisatiounen oder gesellschaftlech Stréimungen. D'Roll vum Publikumsrot ass et der Ekipp vum MSP 100,7 en informéierten a kritesche Retour zu de Programmer vun de Radiosendere Radio 100,7 an Opus, esou wéi den Inhalter vun den Internetsäite www.100komma7.lu an www.opus.radio an de mobillen Applikatiounen ze ginn. De Publikumsrot hëlleft dem MSP 100,7 esou, seng Service-public-Missioun am Sënn vum Public ze erfëllen.

D'Membere vum Publikumsrot am Joer 2025:

Renata Santini, *Presidentin*

Sofia Vitali Gonçalves

Catherine Jost

Charly Krau

Philippe Majerus

Nadine Martin

Gery Oth

Patrick Pereira

Benjamin Questier

Katharina Rausch

Michèle Schank

Jo Wildschutz

Am Joer 2025 huet de Publikumsrot sech fënnef Mol getraff. D'Reunioune goufen am Sëtz vum Radio 100,7 um Kierchbiérg ofgehalen. Et ass dat zweet Joer, datt et de Publikumsrot gëtt an d'Memberen hunn eng Rei wichteg Theemen diskutéiert a Stellungnamen ofginn:

- **Radio 100,7-App:** D'App gouf vun de Memberen iwwerpréift an uschléissend ausgewäert. De Publikumsrot huet konstruktiv Verbesserungsvirschléi ausgesprach, déi vun der Direktioun positiv opgehall goufen.
- **Reportagen:** D'Memberen hunn eng Rei Audio-Reportagen ënner d'Lupp geholl, woubäi d'Analys sech besonnesch op den Inhalt, d'Verständlechkeet an d'Theemenauswiel konzentréiert huet. Verbesserungsvirschléi goufen ausgesprach, besonneg gouf op Hannergrondgeräischer an Atmosphär higewisen.
- **Podcast "Zeenewiessel: Carambolage":** Den Doku-Podcast iwwer d'Caritas-Affär gouf gepréift a positiv bewäert. D'Qualitéit vun der journalistescher Recherche gouf insgesamt als iwwerzeegend ausgewäert.
- **Museksprogrammation vum Radio 100,7:** D'Ännerungen zur musekalescher Programmation, mam Zil ee méi breede Public unzeschwätzen, gouf vun de Memberen ënnerschiddlech bewäert. De Gesamtfeedback war éischer positiv.
- **Kultur-Emissioun:** Neigestaltung vun der Emissioun "Kultur um 5" gouf iwwerschaft (nei Zäit, manner Sujeten, etc.). De Publikumsrot huet Argumenter fir a géint d'Ännerunge geliwwert, déi duerno ëmgesat goufen.

Am Kader vun engem Joresbilan hunn d'Memberen d'Entwécklung vum Radio 100,7 insgesamt positiv an als zäitgeméiss bewäert. Besonnesch d'Ëmsetzung vun Informatiounsprogrammer an Emissiounen wéi "Fiasko Fest" a "Fënster Op" goufen als iwwerzeegend ervirgehewen.

De Publikumsrot huet am Joer 2025 aktiv an engagéiert geschafft a séier op Ufroen vun der Direktioun reagéiert. D'Zesummenaarbecht huet et erméiglecht, konkret Verbesserungen ëmzesetzen an eng gutt Basis fir zukünfteg Entwécklungen ze schafen. Vum Joer 2026 u wäert all Joer een Drëttel vum Publikumsrot nei besat ginn. D'Kandidatinnen an d'Kandidate fir d'Mandater vun dräi Joer wäerten iwwer ëffentlech Opriff gesicht ginn.

De kompletten Aktivitéitsrapport vum Publikumsrot ass op 100komma7.lu publizéiert.

Resumé en français

Rapport d'activité 2025

Une nouvelle identité visuelle pour Radio 100,7, des émissions en direct pour Opus, de nouvelles applications mobiles ainsi que la radiodiffusion numérique pour les deux, le podcast narratif de recherche « Zeenewiessel » et la création du prix de musique « Klang » : l'année 2025 du Média de service public 100,7 n'a pas manqué de nouveautés. Le tout en accord avec la stratégie 2024-2028 définie par l'établissement.

